ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. Dezember 2021

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op eis parlamentaresch Fro Nummer 5167 argumentéiert den Här Minister zu der testweiser Zouloossung vun Ecocombien op ausgewielte Lëtzebuerger Strecken, ënner anerem, datt déi extern Käschten bei den aktuelle Rentabilitéitsberechnunge vun dëse Gefierer net genuch berücksichtegt goufen an den Transport op der Schinn pro Tonn/Kilometer sech souwuel méi käschtegënschteg op de Staatsbudget, wéi och op d'Ëmwelt géif auswierken. Op där Basis huet den Här Minister sech och weider géint all Form vun Zouloossung vun Ecocombien op Lëtzebuerger Stroossen ausgeschwat.

An deem Zesummenhang géife mir dem Här Verkéiersminister gär dës Nofroe stellen:

1) Wéi vill huet eng Tonn/Kilometer Giddertransport iwwer d'Eisebunn de Staat an de Joren 2013 bis 2020 all Joers kascht? Wéi vill huet eng Tonn/Kilometer Giddertransport mat engem "klassesche" Camion de Staat an de Joren 2013 bis 2020 all Joers kascht? Wéi vill hätt eng Tonn/Kilometer Giddertransport mat engem Ecocombi de Staat no Berechnung vum Minister wärend deene genannte Jore kascht? Kann den Här Minister d'Zesummesetzung vun deenen eenzele Käschte mat hiren ënnerschiddleche Komponenten um fiktive Beispill vun der Tonn/Kilometer opschlësselen?
2) Wéi eng Ëmweltkäschten huet eng Tonn/Kilometer Giddertransport iwwer d'Eisebunn an de Joren 2013 bis 2020 verursaacht? Wéi eng Ëmweltkäschten huet eng Tonn/Kilometer Giddertransport mat engem "klassesche" Camion an de Joren 2013 bis 2020 verursaacht? Wéi eng Ëmweltkäschten hätt eng Tonn/Kilometer Giddertransport mat engem Ecocombi an de Joren 2013 bis 2020 verursaacht? Kann den Här Minister d'Modalitéite vun dëse Berechnunge presentéieren?
3) Kann den Här Minister garantéieren, datt ëffentlech a privat Eisebunnsbetriber kengerlee separat Subsiden empfänken, fir eng deloyal Konkurrenz mat dem Transport op der Strooss ze vermeiden?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten